I-2015-O-M-4835-01 (2643)

ADR – ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Depot : Här Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2016

# MOTIOUN

D'Deputéierte-Chamber,

Ass sech bewosst

- datt d'Integratioun vun den Ausländer hei am Land am beschte fonctionnéiert wann d'Nationalsprooch och d'Integratiounssprooch ass;
- datt et wichteg ass, datt déi auslännesch Kanner dowéinst d'Lëtzebuerger Sprooch sou fréi wéi méiglech léieren an datt d'Kanner, wann si an de Crèchen, an anere Strukturen, am Precoce oder an der Spillschoul sinn, exklusiv op Lëtzebuergesch solle betreit ginn an datt drop geuecht gëtt, datt Lëtzebuergesch d'Ëmgangssprooch an all deene Strukturen ass;
- datt et wichteg ass déi kleng Kanner sproochlech net ze iwwerfuerderen an et dowéinst sënnvoll ass déi Lëtzebuergesch Sprooch ze léieren an ze festegen ier een nach aner an zousätzlech Sprooche léiert.

Ass déif besuergt

- datt auslännesch Kanner déi doheem weder Lëtzebuergesch nach eng romanesch Sprooch schwätzen duerch dee geplangtene Sproocherégime nach méi liicht iwwerfuerdert an doduerch diskriminéiert kënne ginn;
- datt déi geplangten Aféierung vum Franséischen zu engem ganz fréien Zäitpunkt d'Kanner ganz allgemeng kann duerchernee maachen an och d'Detectioun vun eventuelle sproochleche Léierschwieregkeeten oder aneren Defizienzen zu engem fréien Zäitpunkt méi schwéier mécht;
- datt déi geplangten Aféierung vum Franséischen niewent der Lëtzebuerger Sprooch bei klenge Kanner déi drëtt administrativ Sprooch am Land, nämlech Däitsch, benodeelegt;
- datt dee geplangte Rekrutement vu franséische Mammesproochler an deene genannte Strukture Problemer am Kontext vun de Sproochkenntnisser an der ëffentlecher Funktioun, respektiv an ëffentlechen Institutioune ka mat sech ze bréngen;
- datt déi Elteren, déi hir Kanner selwer doheem zillen, kéinte mengen, datt hir Kanner doduerch kéinte benodeelegt ginn, wann dës Sproochepolitik sech sollt no der geplangtener Pilotphas generaliséieren.

Fuerdert d'Regierung op

- déi Lëtzebuerger Sprooch an allen ëffentleche Strukture vu Kanner bis 4 Joer, do wou si et nach net géing ginn anzeféieren, an iwwerall massiv ze förderen;
- op all Experimenter ze verzichte fir Kanner am Alter vun 1 bis 4 Joer nach mat zousätzleche Sprooche wéi z.B. Franséisch an der formaler oder net formaler Bildung ze confrontéieren;
- Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an exklusiv Kommunikatiounssprooch an alle Strukture fir Kanner vun 1 bis 4 Joer festzeschreiwen.

Verlaangt

- datt all Persoun déi an enger ëffentlecher Crèche oder an enger Struktur schafft déi vum Staat oder vun de Gemenge finanzéiert gëtt an och all Persoun déi mat vergläichbaren Aufgaben am private Secteur chargéiert ass, Lëtzebuergesch schwätzt;
- der Chamber bis zum 31. Dezember 2016 eng aktualiséiert Analys iwwer de Precoce virzeleeën, mat enger besonnescher Berécksichtegung vun der Lëtzebuerger Sprooch an dem Schoultyp;
- un der Alphabetiséierung op Däitsch festzehalen an allgemeng keng Moossnamen ze treffen déi d'Relatioun tëschent der franséischer an der däitscher Sprooch hei am Land géingen eesäiteg zu Gonschte vun där enger oder anerer Sprooch veränneren.